PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 16/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Bei verschiddene Bauprojekter ass et d'Norm, dass Persounen, déi Bauhär sinn, nieft der Baugeneemegung vun hirer Gemeng och eng Geneemegung vum Kulturministère an/oder dem Ëmweltministère ufroe mussen. Den Ëmweltministère analyséiert notamment den Impakt vum Bauprojet op déi direkt Ëmwelt. Bei Neibauten ass dësen Impakt evident, well méi Fläche versigelt ginn. Bei existéierende Bauten, bei deenen d'Emprise scho virhanden ass a wou d'Immobilie u sech nëmmen transforméiert gëtt, ass den zousätzlechen Impakt éischter marginal, oder guer net ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Awéifern analyséiert den Ëmweltministère d'Baupläng vun engem Bauprojet, bei deem d'Emprise net verännert gëtt?
2. Op wat fir Argumenter kann de Ministère sech baséieren, fir Projeten ze refuséieren, bei deenen d'Emprise net verännert gëtt?
3. Wéi vill Refus'en huet den Ëmweltministère an de leschten 8 Joer bei Bauprojeten ausgeschwat? Bei wéi ville vun dëse Refus'en huet d'Emprise vum Gebai net geännert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député